

D'Lëtzebuerger Chamber war vertrueden duerch hire Vizepresident Niki Bettendorf an hire Greffier.

5. De Conseil Interparlementaire Consultatif vum Benelux huet seng Plenarsitzung den 23. an de 24. November 2001 ënnert dem Virsëtz vum Här John Schummer hei zu Lëtzebuerg ofgehalen. D'Chamber war vertrueden duerch déi Häre Jeannot Belling, Camille Gira, Ady Jung, Jean-Pierre Koepp, Nico Loes, d'Madame Lydia Mutsch an den Här Théo Stendebach.

6. Den 1. Dezember 2001 huet zu Bréissel eng aussergewöhnlech Versammlung vum COSAC stattfonnt. D'Chamber war duerch den Här Laurent Mosar vertrueden.

7. A sengem Bréif vum 29. November 2001 huet de Generalsekretär vum Europaparlament den Text vun de Resolutiounen zoukomme gelooss, déi an der Sitzungsperiod vum 12. bis de 15. November 2001 vum Europaparlament ugehall gi sinn.

5. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz den 29. November - bei hirem Zesummekommen - sech dës Woch fir folgenden Ordre du jour ausgeschwat a proposéiert:

Haut de Mëtteg

- presentéiert de Budgetsrapporteur, den Här Claude Wiseler, de Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Statsbudget vum Joer 2002.

Mar, e Mëttwoch, um halwer 3

- héiere mer den Exposé vum Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statshaushalt vum Joer 2002,

- duerno hu mer de Projet de loi 4622 iwwert d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbecht, dat ganz nom Modell 1, an

- eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés de cours, ugefrot vun der Fraktioun vum ADR, zesumme mat enger Motioun vum Här Ben Fayot, och iwwert d'Chargés de cours.

En Donneschdeg, um halwer 3, hu mer

- eng Froestonn un d'Regierung,

- eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Konsequenze vun der Konferenz vun Doha, ugefrot vun der Fraktioun vun deene Gréngen, an

- d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4744 vum Här Ben Fayot iwwert d'Schafung vun enger Kommissioun, déi sech mat der Spoliatioun vun de Judden ënnert dem Naziregim befaasse soll.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 4848, de Statsbudget vum Joer 2002, an dat esou wéi et am Artikel 105 vum Chamberreglement festgehalen ass.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

6. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass d'Traditioun, datt jiddfer éischten Dënschden vum Mount Dezember hei op dëser Tribün de Budgetsrapporteur d'Presentatioun vum Budgetsrapport mécht. Dat war fir déi, déi viru mir hei stoungen, grad esou wéi fir mech, sécher eng Eier fir dës Charge d'äerfen ze iwwerhuelen.

Eng Eier, well de Budget, zu Lëtzebuerg, wéi iwwerall, an der parlamentarescher Traditioun als de wichtegste Gesetzestext vum Joer betruecht gëtt. Sécher ginn et nach eng Rei aner politesch wichteg Texter, mä de Budget ass a sech eng Zort vu Konzentratioun vun deene politeschen Aktiounen, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn, déi an deenen nächste Joren ustinn, an en ass dofir sécher eng Zort Spigel vum aktuelle Stand vun eisem Land.

De Jean Paulhan huet eng Kéier geschriwwen: "Tout ce que je demande aux Politiques, c'est qu'ils se contentent de changer le monde, sans commencer par changer la vérité."

Mir änneren hei sécher d'Welt net, mä de Budget ass e gudden Exercice vu politescher Wourecht, well déi 890 Säiten ee Resumé vun der aktueller Politik vun der Regierung sinn, an och nach deelweis d'Resultat vun deem wat déi Regierungen virdru gemaach hunn.

D'Roll vum Budgetsrapporteur ass awer nach aus engem anere Grond eng ganz besonnesch. Wann een als Rapporteur vun engem anere Gesetzestext de Bericht mécht vun den Aarbechte vun der jeweiliger Kommissioun, dann huet een eng ganz prezis Marschroute anzehalen an et ass ee méi oder wéineger strikt gebonnen un d'détailléiert Analys vum Text.

Beim Budget ass dat a sech e wéineg anescht, vläicht well en Dokument vun där doter Envergnung net an allen Detailler ze analyséieren ass. Aus deem Grond, mä sécher och nach aus enger ganzer Rei aneren, ass et d'Traditioun, dass d'Finanz- a Budgetskommissioun dem Budgetsrapporteur e gewëssene Spillraum léisst, an dofir soen ech all de Kollegen - Oppositioun a Majoritéit - vun der Finanzkommissioun villmools merci.

Et kann een sécher net an esou engem Text alles am Detail analyséieren, an dofir muss een, éier een dës Analys ufänkt, sech eng Rei Zilsetzunge ginn, eng Rei Akzenter erauswielen.

Wann een d'Budgetsrapporte vun deene leschte Jore liest, da stellt ee fest, datt all déi Rapporten - wat ech a sech géing nennen - eng Rei vun "passages obligés" hunn. Et kënnt een sécher net derlaanscht eng Rei Parametere ze analyséieren, sech der wirtschaftlecher a sozialer Situatioun unzuhuelen, d'Eckdate vum Budget ze kommentéieren, de Stand vun de Reserven, vun de Statsscholden, oder och nach, esouwäit een dat schonn zur Dispositioun huet, d'Konten vun deene Jore virdrun. Dës sougenannten "passages obligés" sinn Eckwäerter vun engem Budgetsrapport, well si sinn d'Basis vun där aus ee kann d'Analys vun der finanzieller a vun der ekonomescher Situatioun vum Land maachen.

Doniewent huet dann de Budgetsrapporteur e Spillraum. Deen ass an deene leschte Jore vu menge Virgänger benotzt ginn, fir déi Themen ausserneen ze leeën, déi hinne wichteg waren oder déi an der Aktualitéit vum Moment waren.

Bewusst ass sech esouwuel d'Finanzkommissioun wéi de Budgetsrapporteur, datt déi Aarbecht, déi mer maachen, sécherlech de Budget net wäert fundamental ëmschreiwen. Dat ass jo a sech och net de Sënn dovunner.

Villméi ass et deene jeweilige Budgetsrapporturen dorëmmer gaangen, fir eng Thematik unzeschwätzen, déi hinnen an deem Moment wichteg geschéngt huet, fir esou eng Diskussioun ze lancéieren, fir Iddien a Bewegung ze bréngen, a fir eng Reflexioun bis zum Enn ze féieren.

An dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, muss ech soen, datt den Exercice vum Budgetsrapport en enorm flotten Exercice ass: En erlaabt engem am Fong dat ze maachen, wat een noblen Deel vun der Politik ass, an zwar eng Reflexioun iwwert d'Situatioun vun eisem Land, seng Stärken an seng Schwächen, an doraus Konklusiounen ze zéien iwwert déi politesch Optiounen, déi fir dëst Land an deenen nächste Joren déi richteg sollte sinn.

Esou e Budgetsrapport ass vill Aarbecht, dat ass sécher näischt Neies.

Mä et ass och eng Aarbecht, déi de Budgetsrapporteur net kann eleng maachen, fir déi e ville Leit hir Ënnerstëtzung brauch. Ech wëll all deene Leit och hei, op dëser Plaz, merci soen. Dat si fir d'alleréischt selbstverständlech d'Kollegen aus der Finanzkommissioun fir dee Fräiraum, deen se mer gelooss hunn. Dat sinn d'Administratiounen, wéi d'IGF, d'IGSS, de Statec, den Trésor, de Ministère de l'Intérieur, de la Famille, des Travaux publics, oder och nach d'Banque Centrale, fir a sech all déi technesch Hëllef an d'Daten, déi se geliwwert hunn. Dat sinn d'Berufschamberen, de Conseil

économique et social, an all aner Institutionen fir hir fondéiert Avisen, wou ech direkt muss soen, datt ech net alleguer déi Iddien, déi se mer mat op de Wee ginn hunn, konnt am Rapport, nach an der Ried, benotzen, soss wär et einfach de Kader ganz gesprengt gewiescht. Dat ass selbstverständlech och mä Fraktiounspräsident a President vun der Finanzkommissioun, de Lucien Weiler, fir all déi Moyeren, déi hie mer zur Dispositioun gestallt huet a fir seng gutt Kommentaren a Rotschléi, déi fir mech ëmmer wichteg sinn.

(Interruptions)

Mat him selbstverständlech och e Merci un all déi Leit vun der Fraktioun, déi tatkräfteg gehollef hunn.

An schlussendlech och e Merci un de Budgetsminister Luc Frieden, fir seng Ënnerstëtzung, fir all déi Äntwerten op déi Froen, déi ech him zu all Zäit vum Dag konnt stellen.

Dee Budget hei, wéi all aner, gëtt Renseignement, net nëmme duerch déi Zuelen déi dra stinn, mä iwwert déi Zuelen eraus:

1) Well en als Basis d'Exekutioun vum Budget vun deene Jore virdrun huet. E beinhalt also, implizit, eng Analys vun der Budgetexekutioun, vun der Korrektheet vun deene Budgete virdrun, an doriwwer eraus vun der Finanz- an Trésoreriessituatioun vum Land.

2) Well e Budget sech net opstellt an engem wirtschaftleche Leerraum, beinhalt esou e Budget, duerch seng Eckwäerter, ganz sécher och eng Evaluatioun vun der wirtschaftlecher Situatioun, also e Bild vum ekonomesche Stand vu Lëtzebuerg a senger Entwécklung an deene leschte Méint a Joren.

3) De Budget beinhalt selbstverständlech och Perspektiven. Wat kënne mer eis an deenen nächste Méint, an dem nächste Joer erwaarden? Dat huet jo och an deene leschten Deeg zu villen Diskussiounen gefouert, an ech komme spéider nach eng Kéier dorobber zrëck. Mä et ass kloer, datt esou en Dokument sech baséiert op der Analys vu Wirtschaftsperspektiven, ouni déi déi sougenannten Eckwäerter keng realitéitsgebundene Referenz hätten.

4) De véierten an och leschte Punkt ass d'Analys vum Detail vun deenen eenzelne Politiken, sou wéi se an deene verschiddene Ministère virgeschloe ginn ass. Dës Analys léisst d'Schlussfolgerung iwwert d'Schweierpunkten zou, déi d'Regierung sech setze wëllt. Si léisst och Schlussfolgerungen zou ob dat, wat hei an do vun deem engen oder anere versprach gëtt, och d'Moyenë kritt, fir an d'Realitéit kënnen ëmgesat ginn.

De Budget ass also d'Resultat vun der Mëschung vun der wirtschaftlecher Situatioun mat eise vergaangen a geplangte politeschen Décisiounen.

Et ass och hei wou mer letzlech d'Rechnung presentéiert kréie vun deem, wat u politeschen Décisiounen geholl ginn ass. Et ass hei wou sech erausstellt ob eis Prévisiounen richteg oder falsch waren, ob sech geiirt ginn ass oder ob mer richteg louchen.

De Budget ass, a mengen Aen, schonn e Moment vu politescher Wourecht, wou blank Zuelen, gutt gemengte Wierder a schéi Formulatiounen entweder beweisen oder widerleeën.

An sengem Buch "Citadelle" huet den Antoine de St. Exupéry gesot, datt d'Wourecht a sech eppes wier wéi en Diamant: Si huet nämlech och ganz vill Facetten.

An d'Analys vum Budget huet mer d'Wourecht vum St. Exupéry sengem Saz eemol méi bewisen. Well d'Konklusioun, déi mer aus den Zuelen haut zéien net einfach war, an dat aus deem Grond, well et net just eng Konklusioun war, well et net just eng Wourecht war, mä well déi verschidde Konklusiounen, déi draus ze zéie sinn, esou villfach wéi d'Realitéit selwer sinn.

An dann, letztendlech, éier mer in medias res vun der Technicité kommen, ass nach ze soen, datt mer bei dëser Analys sécherlech domat konfrontéiert waren, datt d'Weltwirtschaft, déi schonn am Juni/Juli liicht ugeknéckt war, duerch de Schock vum 11. September an deenen Événementen, déi sech an déi Logik ageschriwwen hunn, eng Evolutioun kritt huet, wéi mer eis se virdrun net virgestallt haten. D'Basisprognose waren déséquilibréiert an d'wirtschaftlech Eckwäerter waren anerer wéi mer dës Budgetanalys ugefaangen hunn, wéi an deem Moment, wou mer se opgehalen hunn.

Vu vir eran wëll ech soen, datt mer bei der Virbereedung vun dëser Ried eppes mësslongen ass, wat ech am Fong gär gemaach hätt, an dat ass e Budgetsrapport ouni eng Zuel ze nennen. E Rapport vu konklusiv Wierder ouni Zuelematerial. Leider ass et mer net gelongen, mä ech wäert probéieren, iech sou mann wéi méiglech Zuelen hei ze nennen.

Här President, 2000 huet eist Land e Wirtschaftswuesstum vun 8,5% verzechent. Dat war en zäitgenëssesche Rekord, deem nach e Stéck iwwert deem schonn excellente Wirtschaftsjoer 1999 louch, wou mer e Wuesstum vu 7,5% haten. Dës Dynamik war an alle Wirtschaftssektoren ze spieren, virun allem awer, an dat wäert wéineg iwwerraschen, am Finanzsektor.

De Wirtschaftswuesstum 2000 war begleet vun engem Aarbechtsplazen-zouwuess vu 6%. Enn 2000 hunn zu Lëtzebuerg eng 267.000 Leit geschafft, par rapport zu 252.000 Leit dat Joer virdrun. Dat maache konkret 15.000 nei geschafene Aarbechtsplazen am Laf vun 2000, wouvun der iwwer 10.000 vu Frontaliere besat goufen. Dëst ass iwwerengs e markante Charakterzuch vun der Evolutioun vun eisem Aarbechtsmaart; iwwer zwee Drëttel, méttlerweil knapps 70%, vun allen nei

geschafene Plaze gi vu Frontaliere besat. Am September 2001 huet deenen hir Zuel dann och d'Grenz vun den 100.000 iwwerschritt.

2001 war d'Wirtschaftsentwécklung eng méi gedamer: Dëst Joer soldéiert sech mat engem Wuesstum vun ënnert der Halschent vun 2000, nämlech 4%. An trotzdeem gëtt et en däitlechen Iwwerhank vun der Aarbechtsmaartdynamik, sou datt 2001 nees iwwer 15.000 nei Aarbechtsplaze geschaf gi sinn. Do ass den Zouwuess mat och 6% deeselwechte wéi 2000. Vill Entreprises hunn am éischte Semester vun dësem Joer ënnert dem Androck vun den ausseruerdentleche Resultater vun 2000 - dat heescht vum leschte Joer - nach Leit agestallt.

Insgesamt gesi mer also e Wirtschaftswuesstum, deem 2001 par rapport zu 2000 däitlech noléisst, an en Aarbechtsmaartwuesstum, deem nach konstant ass, mä sech viraussichtlech d'nächst Joer wäert op 3% reduzéieren. Domat huet déi ekonomesch Verlangsamung hire Gesamtimpakt 2002 erreicht, wann nach 3,5 bis 4% Wirtschaftswuesstum an 3% Aarbechtsmaartwuesstum prognostizéiert ginn. Allerdéngs gesi mer lo schonn, am Hierscht 2001, datt trotz heftigem Wuesstum vum Aarbechtsmaart d'Zuel vun de Chômeuren zu Lëtzebuerg nees lues an d'Luucht geet. Enn Oktober 2001 waren hei am Land 5.237 ouni Aarbecht gemellt, wat der e Stéck méi sinn, wéi dee Mount virdrun, an och dat Joer virdrun ëm dee selwechte Mount.

Op jidde Fall weist eisen Aarbechtsmaart nach ëmmer déiselwecht sougenannten atypesch Charakteristik op, déi mer zënter Jore kommentéieren: D'Zuel vun den nei geschafenen Aarbechtsplazen, déi dëst Joer dräimol sou héich ass wéi déi vun de Chômeuren. Et entwéckelt sech e Stack vun 2.000 bis 3.000 Leit, déi keng Aarbecht fannen, mä d'Dynamik vum Aarbechtsmaart u sech hält net of; op d'mannst net bis haut, och wann, wéi ech et scho gesot hunn, d'Perspektive fir d'nächst Joer anerer sinn.

Ech wëll elo keng Secteurenanalys op der Tribün maachen, an och den Aarbechtsmaart u sech, deem nach eng Rei Iwwerleeunge wäert wier, net weider kommentéieren, well dat géif an dësem Kader dozou féieren, datt ech eng historiesch laang Budgetried hei géif halen. Duerfir, Här President, géif ech elo zu der finanzieller Dimensioun vun de Grondlage vum Budgetsprojett fir 2002 iwwerkommen.

D'Finanzsituatioun vum Stat ass am Dezember 2001 nach ëmmer a weiderhin esou, wéi Rapporture viru mir et op dëser Tribün zënter Joren ervirhiewen: Mat engem équilibréierte Budget, enger ganz niddreger Statsschuld an enger intakter Finanzéierungs- a Verscholdungskapazitéit kann een d'Gesamtbild nëmmen als extrem positiv an zefriddestellend bezeichnen.

D'Budgetsjoer 2000 huet sech mat engem historesche Rekord soldéiert, wat d'Plus-valuë bei de Steuer-einnahmen ubelaangt. Eppes méi wéi 760 Milliounen € - wéi mer gëschter vum Budgetsminister an der Finanzkommissioun konfirméiert kruten - si méi an d'Staatskeess gefloss, wéi dat am Budget fir 2000 virgesi war. Dësen Zoustand ass am wesentlechen op déi ausseruerdentlech wirtschaftlech Dynamik an de Joren 1999 an 2000 zrëckzeféieren. De Steieriwwerschoss ass haaptsächlech vun der Lounsteuer, der Kollektivitéitssteuer, der TVA an der Taxe d'abonnement generéiert ginn.

Vun dësen 760 Milliounen ginn e ganz groussen Deel an d'Investitiounsfongen affektéiert, während déi iwwreg Zomm an der Trésorerie verbleift an do déi sougenannte Budgetsreserv opstockt. Op d'Affektatioun an d'Fong ginn ech duerno nach am Detail an; duerfir stëmmt d'Chamber jo bekanntlech e Spezialgesetz. Ech wäert mech allerdéngs méi spët an dëser Ried mat der Fëllung vun de Fonge beschäftegen, woubäi et mer um Häerz läit, elo scho festzehalen, datt fir e gudde Fonctionnement vun dëse Fongen an hir uviséiert Notzung am Kader vum pluriannuellen Investitiounsplang déi zousätzlech Dotatioun aus dem Iwwerschoss vun de Steuerrecettë batter néideg ass.

D'Trésorerie vum Stat verwalt déi Gelder, déi iwwerschësseg an d'Staatskeess erakommen. Si ass domat d'Hidderin vun der Budgetsreserv, dat ass de cumuléierte Solde vun ofgeschlossene Finanzjoren, dee sech zum Schluss vun all Kalennerjoer ergëtt. Dës Reserv ass natierlech net statesch, wat et schwéier mécht, hire Volumen zu engem bestëmmten Zäitpunkt festzemaachen. Ech kann do zur Erklärung beispillsweis ernimmen, datt bis zum Vote vum Affektatiounsgesetz vun de Plus-valuen dës Iwwerschëss an der Trésorerie bleiwen, dann awer direkt nom Vote verschwannen. Sou huet een op engem bestëmmten Dag zum Schluss vum Joer 700 Milliounen € manner an der Trésorerie, wéi nach den Dag virdrun.

Net nëmmen déi ganz grouss, mä och déi ganz kleng Transaktiounen an an aus der Trésorerie suergen also dofir, datt d'Festhale vun enger bestëmmter Zomm fir d'Reservevolumen e ganz quokelegen Exercice ass. E Wuert, dat ech an dësem Kontext duerfir méi dacks gebrauchen, ass deemno "ongeféier".

Enn 2000 stoung d'Budgetsreserv bei ongeféier enger halwer Milliard €. An dëst Joer wäert se liicht méi héich ugesiedelt ginn, wahrscheinlech bei 600 oder 700 Milliounen €. Enn September, zum Vergläich, stoung se bei annerhalwer Milliard €, mä do muss ee bis Enn des Joers natierlech d'Affektatiounen vun de Plus-values erausrechnen.

D'Trésorerie brauch e bestëmmte Volume vun zur Verfügung stoende Liquiditéiten. Si huet zum Beispill d'Aufgab, d'Statsschold iwwert déi nächst siwe Joer ze rembourseren. Dobäi handelt et sech ëm eng Gesamt-

dépense vu bal enger Milliard €, vun där zu dësem Moment nëmmen d'Halschent am Fong fir d'Statsschold verfügbar ass. De Rescht ass eng Zousazcharge fir d'Trésorerie, déi all Joer muss eppes derbäileeën, fir datt mer fristgerecht de Service an d'Kapitalzrückzuelung vun eiser Statsschold ofgewéckelt kréien.

Wat d'Statsschold ugeet, kann ee feststellen, datt si kontinuëierlech erofgeet. Zënter 1998 huet de Stat sech net méi nei verscholt, an 2008 soll, den aktuelle Previsiounen no, dat éischt Budgetsjoer sinn, dat sech net méi mat der Statsschold beschäftegt, well se da komplett resorbéiert wäert sinn. Dës Statsschold, déi am Kapital ënner 700 Milliounen € läit, mécht nëmme méi gutt 3% vum PIB aus. Enn 2007 soll Lëtzebuerg eent vun deene weënege Länner weltwäit sinn, déi vëlleg ouni Statsschold do stinn.

Dëst ass natierlech eng Previsioun, eng Zilvirgab, déi, wann all Strécker géife räissen, aus Grënn, déi mir zu Lëtzebuerg net kontrolléieren, vläicht méi spët erreecht ka ginn. Mä och fir dee Fall ass d'Ausgangslag vun haut äusserst berouegend; am absoluten Noutfall ass d'Verscholdungskapazitéit vun eisem Land intakt. An dës Feststellung féiert mech dann zrëck bei d'Trésorerie an d'Budgetsreserv, fir e Wuert iwwer en Thema ze verléieren, wat mer besonnesch um Häerz läit.

D'Reserv vun der Trésorerie ass zu dësem Zäitpunkt eppes fléissendes. Zwar gëtt se mëttlerweil - wéi dat an der Regierungserklärung virgesinn ass, a méi wéi eng kéier, dat muss ech soen, vun dëser Plaz aus och gefrot ginn ass - an Deeler ugeluegt, sou datt knapps 40% vun hirem Gesamtvolumen placéiert sinn. Zur lichter Ausdehnung vun den Avoiren ass dat wuel déi gëeegent Moosnam. Kloer ass awer och fir mech, datt d'Trésorerie fir alldeelech grouss a kleng Operatiounen muss eng eege Reserv hunn, déi liquide ass. Mä dës Liquiditéit mussen net an der Héicht vun den aktuellen Trésorsreserven zur Verfügung stoen.

Mä et bleift e bestëmmte Betrag an der Trésorerie, deen och si konkret net direkt brauch. Ech sinn der Meinung, datt een dëse Betrag sollt ermëttelen, an datt déi Gelder, déi dann zu engem bestëmmten Zäitpunkt als Trésoriesiwwerschoss festgestallt ginn, als initial Dotatioun vun engem wierkeleche Reservefong dénge kéinten. Sou e Reservefong wier a mengen Aen nämlech e sënnvollt Instrument, wat a méi schwéieren Zäiten déi kuerzfristeg Iwwerbrückung vu Finanzéierungsempäss géif erlaben, bis eben Emschichtungen am Budget stattfonnt hätten oder nei Finanzéierungsperspektiven erschloss gi wieren. Op déi Manéier géif déi öffentlech Hand sech einfach déi néideg Zäit ginn, fir op responsabel Manéier ze décidéieren, wéi virugefuer ka ginn.

Well dëse Fong en Instrument zur Notzung an aussergewöhnlechen Émstänn wier, misst den Accès zu

dëse Mëttelen och mat enger gewësser Stringenz geregelt ginn. Sou, wéi dat haut scho fir de "Fonds de réserve pour la crise" de Fall ass, dierft de Reservefond nëmmen duerch e Spezialgesetz fir Dépenses opemaach ginn, déi sech ënner schwierigen ekonomesche Konditiounen géifen opdrängen.

Iwwregens kéint een esouguer de Krisefond wahrenscheinlech zu engem Reservefond ëmbenennen, well hei d'Rad net misst nei erfondt ginn. De Krisefond huet an dësem Moment en Avoir vun ëm 22 Milliounen €, an en ass scho laang net méi duerch de Budget dotéiert ginn. Do stéing also e Stack schonn als Reservenembryo zur Verfügung, deen duerch en Undeel vun den aktuellen Trésoreriesreserve kéint opgestockt ginn. Op jidde Fall, mengen ech, ass dat eng Iddi, déi een eng Kéier am Detail misst a kënnt analyséieren.

Datt mer grad als klengt Land mat engem limitéierten ekonomeschen, ech géif et Réckfallgebit nennen, zougänglech Finanzreserve brauchen, ass fir mech eng vun de grouss Konklussiounen vun dësem Rapport, déi sech grad an onsécheren Zäiten imposéiert. Hätte mer zum Beispill wierklech missen eng oder zwou Milliarden Dollar deblockéieren, fir d'Schied un Drëtten, déi e Fliegeraccident, wat duerch Krich oder duerch Terror erbäigefouert gi wier, verursaacht hätt, da wier e Sechstel bis en Drëttel vum Budget fir 2002 do engagéiert gewiescht. Bei engem Budgetsvolume vun honnerte Milliounen € huet sou en Tatbestand net deesewechten Impakt, wéi an engem Land, wat an excellenter ekonomescher Verfassung e Budget vu 6 Milliounen € virzeweisen huet. Wat grouss Ekonomien nach kënnen duerch Budgetsëmschichtungen oder aner Moosname recupéieren, dat feelt eis direkt. Eng Milliard € ass, fir just den arbitraire Verglach hei opzestellen, ongeféier eis Joresrecette aus der Kollektivitéitssteuer. Dir gesidd, mir bewegen eis an onsécheren Zäiten op dënnem Äis. Événementer wéi déi vum 11. September an hir Nofollegerscheinunge ruffen engem dës Tatsaach geleeëntlech mat vill méi Nodrock zrëck an d'Gediecht-nis, wéi et engem am Fong léif wier.

Wann ee vun onsécheren Zäite schwätzt, da sollt ee sech erklären, well hei zu Lëtzebuerg nach kee Grond besteet, fir pessimisteschen an d'Zukunft ze blécken.

Woumat mer bei de Konte fir dëst Joer an de Previsiounen fir dat nächst Joer wieren, wat zwar nach keng definitiv Zuele sinn, mä si vermëttelen trotzdem elo schonn en Androck vun deem Zoustand, an deem sech eis Wirtschaft haut a mar befënnt.

De previsionelle Kont fir 2001 geet vu Plus-valuen an dësem Joer aus. Zwar sinn dat der nettement manner wéi 2000, mä si mussen am richtege Kontext gesi ginn, an deem 2000 als dat betruuecht gëtt, wat et war, nämlech als en absolut aussergewöhnlecht Wuesstumsjoer. Sou betruuecht ass 2001 a sech erëm méi normal, an trotzdem schlësse mer dëst Joer viraussichtlech mat

Iwwerschëss of. Datt mer déi och brauchen, hunn ech scho gesot, an ech verdéiwen dat herno nach am Kader vu mengen Ausféierungen zu den Investissementen.

2001 wäert sech mat engem Wuesstum vun ëm 4% soldéieren, an dat war och déi Grondlag, op där de Budget fir dat lafend Joer opgestallt gi war. Den Aarbechtsmaart dergéint ass am Ensemble vun 2001 erëm ëm bal 6% gewuess, deemno grad souvill wéi am Joer virdrun. Sécher hunn déi gutt Resultater vun 2000 am Ufank vum lafende Joer nach en Iwwerhank gehat, dee vill Employeuren dozou motivéiert huet, ënner optimistesche Perspektive weider Leit anzustellen. Dëse strammen Zouwuess u schaffende Leit hei am Land huet dozou gefouert, datt d'Krankekeessen, déi jo staark vun der Masse salariale ofhänken, nees am Equilibre sinn.

Fir 2002 sinn d'Previsiounen vu virum Summer no ënne revidéiert ginn. Amplaz 5,3% Wirtschaftswuesstum gi mer haut vun manner wéi 4% aus. Domat situéiere mer eis nach beim Duebele vun der Moyenne an der Europäescher Unioun, wou d'Previsiounen de Moment licht ënner 2% Wuesstum ausweisen. D'Croissance um Aarbechtsmaart wäert sech par rapport zu dësem Joer halbéieren, do stinn d'Previsiounen haut ëm 3%. Trotzdem hält d'Regierung un der Budgetsvirlag fir 2002 fest. Ech sinn dervun iwwerzeegt, datt dëst déi richteg Haltung ass; an dat aus méi Grënn.

Éischtens, well all aner Haltung zum Budgetsprojert fir 2002 dat falscht Signal un d'Haushälter an d'Betriben wier. Mir duerchlafen am Ablack eng Phas vu gehemmtem Wirtschaftswuesstum, dëst därft net mat Rezessioun verwiesselt ginn. Heibäi geet et mer elo sécher net ëm déi akademesch Begrëfsdefinitioun an ëm d'Fro, ob Rezessioun e Minus virun der Wuesstumsprozentzuel viraussetzt oder ob ee just nach ganz minime Wuesstum selwer schonn d'Kennzeeche vun der Rezessioun ass. Mä et geet mer drëms, datt 4% Wuesstum eng Gréissenerdnung duerstellen, déi an aneren europäesche Staten a gudde Joren erreecht gouf, an dobäi kengem Mënsch et an de Kapp komm wier, datt 4% Wuesstum eng Rezessioun kéinten duerstellen. Sou eng Situatioun ass deemno als dat ze beschreiwen, wat se wierklech ass, an ënner Lëtzebuerger Paradigmen heescht dat, mir schwätze vu gebremstem Wuesstum.

An esou enger Phas geet et virdringlech drëm, e weidert Offlaue vun der Wirtschaft ze verhënneren. Wa mer eng ambitiéis Steuerreform maachen, fir d'Konsumverhale vun de Steuerzueler ze dynamiséieren, an eis dovun en erneierte gesamtwirtschaftlechen Dynamismus mat deenen entsprecheende Retombéeën fir d'Statsfinanzen erhoffen, da kënnen an därfe mer net, souzesoen als immediate Konterpunkt, de Budgetsvolumen a Fro stellen.

Mir brauchen dat och net ze maachen, de Budgetsvolume fir 2002 och net a Fro ze stellen, well Steuer-

recettë bei de Betriber eréischt Joren no hirem Erfalen och agezu ginn, wat bedeit, datt mer 2002 an 2003 wäerten d'Kollektivitéitssteuer aus dem Rekordjoer 2000 afueren, déi e wichtege Block vun de Gesamtrecetten duerstellt. Et ass richtig, well mer mat Wuesstums-iwwerhäng musse rechnen, déi sech a Wuesstums-héijejoren duerch immens Plus-valuen néierschloen. Et gëtt deemno kee Grond, un de Budget fir 2002 bastelen ze goen, well déi finanziell a finanzpolitesch Realitéit vum Land haut ausseet, datt mer en esou kënnen ëmsetzen, wéi en elo virgesinn ass.

Alles an allem sti mer also virun engem Budgetsjoer 2002, dat sech op enger nenneswäert manner optimistescher Manéier duerstellt, wéi déi zwee lescht Budgetsjoren, ouni awer de Wuesstum prinzipiell a Fro ze stellen. Dëse Constat ass berouegend, well en zwou Konsequenzen zeidgt:

- Zum enge bestätegt en, datt d'Budgetspolitik vun deene vergaangene Joren déi richtig war, well se an engem gesonde Mix vu renger budgetärer Prudenz a wirtschaftsfreundlecher Besteuerung dem Stat e finanzielle Sockel ginn huet, op deem en ouni existentiell Schwieeregkeete kann en Haushaltsjoer dropstellen, dat sech méi duerchwuessen ukuckt.

- Zum aneren, dat beleet mäi schrëftleche Rapport, an ech däitschen oder ech lëtzebuergeschen et och nach op der Tribün hei aus, si mer op Wuesstum ugewisen, fir eis Sozial- an Investissementspolitik, a virun allem déi zwou mateneen, ouni Aschneidunge kënnen weiderzeféieren. D'Previsioun fir 2002 loosse dës Weiderféierung ouni Nout zou, an dat, fir et mat de Wieder vum Berliner Buergermeeschter ze soen: An dat ass och gutt esou.

Här President, dës Budget klëmmt a sengem Volumen ëm 9,7% géigeniwwer sengem Virgänger, dee senger-säits d'Virlag vum Joer virdrun ëm ronn 12% dépasséiert hat.

D'Oppositioun huet an deem Kontext an deene leschten Deeg a Wochen d'Fro no der budgetärer Éierlechkeet nees opgeworf. E mëndleche Rapport ass net d'Plaz fir parteipolitesch Pickereien, duerfir wëll ech mech just op hir Aussoe beruffen, fir mengen Iwwerleeungen zum Thema "véridicité budgétaire" e Kader ze ginn.

Budgetär Wourecht an Éierlechkeet ass an Héichwuesstumszäite keen einfachen Exercice. Dat huet näischt mat schlechtem Wëllen oder bewossten Ënnerschätzungen ze doen, mä ganz vill domat, datt dee wirtschaftlechen Dynamismus, deen eise Wuesstum an deene leschte puer Joer, an iwwerhangsméisseg och haut nach, zu Gronn louch a läit, einfach méi Recetten am Verlaf vun engem ganze Joer generéiert, wéi een dat zu Joresufank ka virausgesinn. E Budget gëtt a senger wesentlechen Elementer schliesslech während dem éischte Semester vun deem Joer zesummegestallt, dat senger Exekutioun virausgeet. An tëschent deem engen

an deem anere Summer huet d'Lëtzebuurger Ekonomik et méi wéi eng Kéier fäerdeg bruecht, all Erwaardungen ze iwwertreffen.

Wann also d'lescht Joer an dëst Joer e Budget op den Dësch geluegt ginn ass, dee méi konsequent expandéiert wéi seng Virgänger, dann ass dat en Usaz fir der budgetärer Realitéit méi no ze kommen, an näischt anescht. Wann an engem oder zwee Joer Plus-valuen a bestëmmte Volumen optauchen, da gebitt d'Virsiicht, datt een aus där Tatsaach nach net direkt eng Politik mécht. Wann dësen Tatbestand vun de Plus-valuë sech awer iwwer eng hallef Dose Joren a méi laang bestätegt, dann ass d'Zäit komm, fir en an der Berechnung vun zukünftege Budgeten ze berücksichtigen. An dat nach ëmmer mat der noutwendeger Virsiicht, well en ass jo a sech vu vir eran ni definitiv ginn.

De Volume vun de Budgete fir 2001 an 2002 ass deemno an engem Rhythmus geklommen, dee par rapport zu de Budgete bis 2000 héich ass, mä dee weider näischt als Basis huet, wéi déi rezent wirtschaftlech Dynamik, déi sech iwwer e puer Jore selwer bestätegt huet.

De Budgetsprojert fir 2002 ass och am Aklang mat der Stabilitéitspolitik, déi, ganz besonnesch um Ufank vun der Ära vum reellen Euro, vun eise Land verlaangt gëtt. Dat ass keng contradictio in terminis: D'Exekutioun vum Budget vun dësem Joer weist, datt e weder inflatiouns-dreiwend ass, nach duerch Exzesser d'Finanzéierungskapazitéit vun de Pouvoirs publics a Fro stellt. Nach gëllt et, op e puer Felder opzepassen.

D'Inflatioun fällt zënter der Mëtt vun dësem Joer kontinuierlech, wat net zulescht och mam Offlaue vum Wirtschaftswuesstum an domat de manner héijen Ausgabe vun den ekonomeschen Acteuren ze dinn huet. Fir d'nächst Joer gi mer vun enger sous-jacenter, also gewässeremoossen hausmaacher Inflatioun, ouni d'Petrolspräissentwécklung ze berücksichtigen, vun eppes iwwer 2% aus. Domat gerode mer erëm a méi frëndlecht Inflatiounsfuerwaasser, wéi dat tëschent Summer 2000 an 2001 de Fall war. Natierlech sinn déi zwou Indexranchen, déi an där Period erfall sinn, net derzou géeegeent gewiescht, den Inflatiounsschub ze drécken. Mä ëmmerhi sinn d'Previsiounen fir d'Budgetsjoer 2002 an där Hisiicht elo besser, well e gebremste Wuesstum do mat enger gebremster Inflatioun anhiergeet.

All Gefor ass domat awer nach net gebannt. Mir wëssen, datt d'Lounkäschtenentwécklung zu Lëtzebuerg dohingoend problematesch ass an datt se mëttlerweil déi duebel Vitesse vun der europäescher Moyenne erreicht huet. 2001 sinn d'Léin zu Lëtzebuerg ëm duerchschnëttlech 6% geklommen; an der europäescher Moyenne ëm ronn 3%. Dat gesäit an de Statistiken net besonnesch attraktiv aus, stellt awer net eleng e Problem duer; deen entsteet aus der Bedeutung vun der Lounkäschtenentwécklung fir d'Inflatioun. An do ass

Virsiicht gebueden. Den europäesche Finanzministerrot verweist an dësem Zëssammenhank op dat, wat en als Policy-Mix aus Steuer- a Lounpolitik definéiert huet: Duerch substantiell steuerlech Erliichterungen, wéi se schonn elo an nach vill méi nom 1. Januar 2002 praktizéiert ginn, steigen d'Kafkraaft an de Konsumdrang vu Privatleit an Entrepreneuren sou, datt lounpolitesch Responsabilitéit gefuerdert ass.

D'Inflatioun am Grëff ze behalen, ass net nëmmen e Stabilitéitspaktgebot, mä en Uleies, wat all Mënsch betrëfft: D'Kafkraaftsteigerung, déi d'Politik zu Lëtzebuerg permanent bedreift, dierf net duerch eng iwwerhéichten Inflatioun neutraliséiert ginn.

Här President, ech hu scho vill Allusiounen op d'Steuerreform gemaach. Am schrëftleche Rapport féllt si eng Partie Säiten, well ech der Meenung war, et misst een am Kader vum Recettëbudget fir 2002 onbedéngt op déi grouss Linne vun der Steuerreform agoen, déi, vun 2002 un, d'Recettësäit an de Statsbudgete wäert konditionéieren. Well awer de Finanzminister elo an zwou Pressekonferenzen schonn den Detail vun der Reform duergeluegt huet, an ech och net dem Norbert Hauptert sengem Rapport iwwer d'Steiergesetz u sech - dee mer de 19. Dezember wäerten héieren - wëll virgräifen, limitéieren ech elo hei an dësen Ausféierungen dat, wat ech iwwert d'Steiere wëll soen, op e puer ganz wesentlech Punkten.

Den Norbert Hauptert huet scho vill geschriwwen, well e ganz fläisseg ass.

Une voix. - Dir och!

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur. - Richteg.

(Interruption)

Jo, well ech och gemengt hunn, datt et selbstverständlech wichteg wier, datt een am Kader vun enger Budgetsreform och géif am Detail op déi Steuerreform agoen, mä ech widderhuelen dat hei awer net elo. Ech gi just op déi wesentlech Punkten an, fir ze soen, datt duerch dës Steuerreform, wann een d'Ausfall fir de Stat vun 2001 an 2002 zesummerechent, ronn 40 Milliarde Frang an den Täschen an op de Konte vun de Bierger an de Betriber gelooss ginn. Vun dëser Reform gëtt sech erwaart, datt bannent där hei am Land üblecher Reaktiounszäit - dat wäerte bei deene leschten dräi Steuerreformen ëmmer ëm zwee Joer gewiescht sinn - d'Steierzueler duerch hiren erhéichten ekonomeschen Handlungsspillraum erëm nei Statsrecetten zeidegen.

Dës Reform huet vill interessant Aspekter, déi ech aus deene genannte Grënn elo net all wëll belichten. Ech wëll awer ernimmen, datt mer vun 2002 un en Tarif bei der Lounbesteuerung vun de physesche Persounen hunn, deen eleng méi attraktiv fir Spëtzeverdénger ass, wéi aner Länner dat eréischt duerch all méiglech Zousatzfaveuren, Abatementer an Ureizer erreechen.

Grad esou wichteg ass, wann net méi wichteg, datt eist Land bal deen niddregsten Agangssteuersaz wäit a breet kritt, an och dësen eréischt vun engem Niveau de Revenu un ufällt, dee bei eppes ënner 400.000 Frang läit. Méi a méi Mindestlounempfänger bezuele keng Steiere méi, well se iwwer Abatementer hiert besteierbart Akommes an dëser Géigend ugesiedelt kréien, oder eben, wann et sech ëm bestuete Leit handelt, beim duebele Betrag.

Ech kéint ernimmen, datt Lëtzebuerg elo no Irland deen europawäit zweetniddregste Kollektivitéitssteuersaz kritt - nämlech 22% - an datt d'Gesamtbetriebssteuerlaascht no der Reform wäert mat 30,3% eng vun deenen niddregsten op eisem Globus sinn, deen ee gewënnofwerfende Betrib sech ka wënschen.

Am Ensembel mengen ech, datt déi kommend Steuerreform - si ass natierlech an Deeler schonn do - Lëtzebuerg och fiskal duer wäert féieren, wou et wirtschaftlech scho laang ass, nämlech un déi absolut europäesch Spëtzt.

Mä alles dëst wäert mäi Kolleeg Norbert Hauptert a sengem Steirrapport mat méi Detailler an an enger méi steierspezifischer Perspektiv ausféieren.

(Interruption)

Als Konklusioun aus deem Ganze kann ech vläicht zréckbehalen, datt mer et fäerdeg bruecht hunn - mat där Politik, déi an deene leschte Jore gefouert ginn ass -, fir eng Finanzsituatioun ze schafen, déi sou gesond ass, datt se eng Rei vu Steuerreformen, déi an deem leschte Jorzéngt eis Steuerlandschaft fundamental modifizéiert hunn, ka verkraaften, an dat ouni Problemer.

D'Steierreform vun 2001 an 2002, sou wéi se momentan virgesinn ass, huet enorm Ausmoossen, an trotzdeem bleift d'Finanzéierungskapazitéit vum Lëtzeburger Stat intakt. Dat ass ganz sécher eng Leeschtung. Eng Leeschtung déi et der lëtzeburger Regierung erlaabt, eng Rei Akzenter kloer an däitlech och am Budget schonn ze setzen. E puer sinn der am Rapport opgezielt, e puer kann ech der hei och nëmme mat e puer Wiederusträifen, an zwar den Développement vun den Aktivitéiten am Kader vun der Recherche an der Innovatioun, souwuel wéi den Développement vum Enseignement supérieur, selbstverständlech och dee wichtegen Akzent vun der substantieller Erhéijung vun eiser Entwécklungspolitik, déi 0,8% vum PNB am Joer 2002 wäert erreechen, zousätzlech Astellunge vu Leit, déi de Stat dréngend noutwendeg huet, Educatiouns- a Sportkreditter, déi déeloppeiert ginn, an eng Transportpolitik, déi vir d'Zukunft plangt.

Ee vun deene groussen Avantagen, déi een huet, wann ee Budgetsrapporteur ass, dat ass, dass engem vill Dieren opstinn, dass een e groussen Tour maache ka bei den Institutiounen, den Organismen, an dass ee ganz

villes ze héiere kritt. A wann ech wéilt résuméieren, wat ech alles gesot krut an deene leschte Wochen a Méint, da wär et dat hei:

Wat d'Budgets- a Finanzpolitik vun der Regierung ugeet, do ass a sech näischt oder net vill ze soen, well dat ass an der Rei, mä, an hannert deem Mä kënnt eng Rei Aussoen a Gedanken, déi oft ganz wäit ewech vum Budget sinn, respektiv ganz oft wéineg mam Budget ze dinn hunn, an dach!

Ech denken, dass et ëmmer esou misst sinn, dass een op déi Mäen, déi hannendru kommen, lauschtert. Den Niewesaz ass wéi esou oft heiansdo méi wichteg wéi den Haauptsaz.

Hannert deem Mä si vill Froen ausgeschwat ginn, komme vill Besuerger zum Ausdrock, Froen a Gedanken, wéi zum Beispill:

Gi mir dee Wuesstum, dee mer an deene leschte Joren amgaang sinn ze erliewen, meeschter?

Kréie mer op dem Terrain dat ëmgesat, wat och muss sinn, fir eis Zukunft virzubereeden? Suen eleng ginn net duer.

Fixéiere mer eis net op eng Wuesstumslogik, déi eis mengen deet, d'Beem géingen hei zu Lëtzebuerg méi wéi iwwerall anescht an den Himmel wuessen? Just zu Lëtzebuerg kéinte mer eis alles erlaben?

Si mer prett, wann et emol eng Kéier méi lues géing goen, wann eise Wuesstum emol net méi dach heiansdo déi schwindelerregend Vitesse hätt, wéi mer dat an deene leschte Jore kannt hunn?

Alles Froen, déi opkomm sinn an déi ech nach méi oft an deene jeweilige Gespréicher konnt héiere wéi an den Avise liesen, mä déi awer och an den Avisen hir Plaz fannen, och wann ee se do heiansdo muss tëschent den Zeile liesen.

Et geet ëm d'Fro, déi sech dach esou vill Leit dobausse stellen: Wat ass hannert dem Décor Lëtzebuerg? Wéi zolidd ass en? A wéi gëtt e méi al?

Dat si sécher berechtigt Froen, wou ee ka soen, dass se a sech näischt mam Budget ze doen hunn, an dach sinn et Froen, déi ee sech stelle muss, wann een de Budget analyséiert. Froen, déi ee sech ka stellen, wann een déi eenzel Kapitele vum Budget méi genau ënnert d'Lupp hält. Eent vun deene Kapiteln, op dat ech ëmmer ugeschwat gi sinn, ass dat vun de Sozialsystemer. Sécher och well dese Sujet d'Actualitéit vun deene leschte Jore jo a kenger Woch verlooss huet.

Villes ass iwwert eis Sozialsystemer an der leschter Zäit gesot ginn. Vun der Rentemauer op de Rentendesch hu se d'Diskussioun ëmmer an ëmmer erëm geniert.

44,2% vum Statsbudget sinn als Sozialbudget ze bezeichnen, sot de Budgetminister Luc Frieden, wéi en de

Rapport virun e puer Méint hei op dëser Tribün virgestallt huet. Et ass evident, dass d'Finanzkommissioun selbstverständlech déi generéis Sozialpolitik vun der Regierung ënnerstëtzt.

Et ass awer och jiddferengem bewosst, dass et hei zu Lëtzebuerg, wéi an allen entwéckelte Länner, ee vun deene wichtigste groussen Défië vun deenen nächste Joren ass. En Défi, deen eis ganz wirtschaftlech Entwécklung wäert prägen, wäert sinn, fir d'Konte vun der sozialer Sécherheet am Equilibre ze halen.

An de "Grandes orientations des politiques économiques" vum 15. Juni 2001 schreift de Conseil européen a ganz grousser Däitlechkeet fir Lëtzebuerg, dass et wichteg wär "de suivre l'accroissement des dépenses publiques, afin de préserver l'équilibre des finances publiques en cas de ralentissement de la croissance du PIB réel et leur caractère durable à long terme, compte tenu du vieillissement de la population".

Haut ass eis Sozialofsécherung sécher eng vun de performantste vun Europa. D'Reserve si momentan do, mä et geet natierlech och drëm, fir de System esou ze gestalten, dass een der sozialer Ofsécherung och Perspektive gëtt fir déi zukünfteg Generatiounen. Dat grousst Ongewësst dobäi ass, dass ee weess, dass déi Systemer méi wéi all anerer ofhänke vun der makroekonomescher Situatioun engersäits an der demographescher Entwécklung anerersäits, béid Facteuren, déi net an direkter Dependenz vum politesche Wëllen hei zu Lëtzebuerg sinn. D'sozial Ofsécherung ass méi ofhängeg wéi all anere System vun der Entwécklung vun der Aarbecht zu Lëtzebuerg a vun der Masse salariale.

Mä dës Diskussioun soll natierlech op dëser Plaz nëmmen um Rand geféiert ginn. Mir kenne se all. Dat, wat an dësem Budgetsrapport méi am Detail analyséiert ginn ass, sinn déi reng budgetär Implikatiounen vun der Entwécklung vun der sozialer Sécherheet zu Lëtzebuerg.

Wa mer op där enger Säit d'Recette vun de Sozialkeesse kucken, da stelle mer fest, dass d'Struktur vun deem Deel vun de Recetten, déi aus dem Budget kommen, an deene leschte Jore substantiell an d'Luucht gaangen ass. 1990 sinn nämlech 34,7% vun den Einnahmen aus dem Budget komm. Dat waren am Joer 2000 43%. Den Deel vun de Cotisatiounen, souwuel vun den Arbeitnehmer wéi vun den Arbeitgeber, ass selbstverständlech deementspreechend erofgaangen. Déi Evolutioun ass selbstverständlech a jiddfer eenzelner Keess an ähnliche Proportiounen nozevollzéien. Eleng aus deenen Zuelen, denken ech, kann een zwou Konklusiounen zéien.

Säit zéng, souguer 15 Joer, stelle mer fest, dass mer eng ëmmer méi grouss progressiv Budgetisatioun, oder wéi een et och ëmmer wéillt nennen, Fiskalisatioun, vun de Keesse vun der sozialer Sécherheet hunn. Dat ass op där enger Säit ganz sécher richteg a wichteg, well duerch déi steigend Fiskalisatioun sinn op där anerer Säit

Entlaaschtungen, haaptsächlech vun Entreprises, finanziéiert ginn. Dat war zum Beispill 1994 d'Ofschafe vun der 1,7%eger Cotisatioun vun den Employéen aus dem Privatsecteur an d'Kannergeldskeess, an 1999 déi vun den independente Beruffer. Dat Ganzt mat der Zilsetzung fir d'Lounniewekäschten ze senken. Eng Zilsetzung géint déi sécher näischt anzewennen ass.

Dat huet awer selbstverständlech eng Konsequenz: Déi steigend Fiskalisatioun ënnersträicht a vergréissert déi eegen Dynamik vun dem Wuesstum vun de budgetären Dépensen, respektiv de Recette vun de Keessen.

Just e puer Zuelen, fir ze soen, dass, wann een a Prozenter den ordinäre Statsbudget kuckt, d'Pensionskeessen 1980 9,42% uitgemaach hunn. Dat waren 1990 schonn 12,86% an 2000 15,15% vum ordinäre Statsbudget. Datselwecht géllt fir d'Krankekeess. Do hate mer 1980 6,38%, 1990 7,71% an am Joer 2000 9,74% vun dem ordinäre Statsbudget, déi an d'Krankekeess gefloss sinn. Wat d'Kannergeldskeess ugeet, do stellt sech déi Fro e bëssen anescht. Fir d'CNPF ass d'Kontributioun vum Stat vun 1990 mat 52% op d'Joer 2000 mat 94% gestiegen.

Dëse Phenomeen ass doduerch ze erklären, dass de Stat engersäits d'Cotisatiounen 1994 an 1999 iwwerholl huet an anerersäits 1996 e Fonds de roulement geschafen huet, wou en eng staatlech Obligatioun ageschriwwen huet, fir eventuell Defiziter vun der Kannergeldskeess ze iwwerhuelen. Domat war déi regelméisseg Adaptatioun vum Cotisatiounstaux, wann d'Limite vun der Reserv vun der Kannergeldskeess no uewen oder no ënnen iwwerschratt ginn ass, iwwerflësseg. Den Defizit ass souwéiso duerch eng zousätzlech staatlech Kontributioun gedeckt ginn.

Wann haut no dem Cotisatiounssystem géng gefuer ginn, dee mer an der éischter Halschent vun den 90er Joren haten, da wäre mer net bei engem Taux de cotisation vun 1,7% fir d'Dépensé vun der Kannergeldskeess ze decken, mä da wäre mer haut scho bei engem Taux de cotisation vun 2,36%. Dat just fir déi Zuel eng Kéier ze nennen.

D'Kannergeld huet sech also säit Mëtt den 90er Joren an eng aner Logik ageschriwwen. Mir si fort vun der Logik, fir den Equiliber tëschent Dépensen engersäits a Cotisatiounen anerersäits ze halen. Aus deem Grond mengt dann och d'Finanzkommissioun, dass déi schwéierfällg Rechnungen, fir nach ëmmer eng fiktiv Masse cotisable auszerechnen, déi dach duerno vum Stat bezuelt gëtt, net méi noutwendeg ass, an dass ee sech sollt iwwerleeën, ob een déi Finanzéierungsmethod, déi iwwer verschidde Weeër dach vum selwechte Financier, dem Stat, ausgeet, net kënnt wesentlech fir d'Administratioun vereinfachen.

Aus deem Ganze kann een, muss ee souguer d'Schlussfolgerung zéien, dass et klor ass, dass de globale Volume

vun de Kontributiounen fir d'Sozialsécherheet och an Zukunft nach wäert steigen, dass awer d'Steige vun de Prozentsätz vun der Part budgétaire, déi all Joer dohinner fléisst, net onendlech esou ka weidergoen. Klor ass och, dass d'Besoinen, wéi all aner Besoinen, an enker Relatioun mam Wirtschaftswuesstum stinn an haaptsächlech mam Wuesstum vun der Masse salariale. Wann déi erofgeet, da ginn d'Schwierigkeete vun der Finanzéierung ganz schnell méi grouss.

Fir d'Finanzkommissioun besteet heiran ee vun de groussen Défië vun der mëttelfristeger Zukunft. Wann d'Situatioun, esou wéi se haut ass, keng immediat Reaktioun verlaangt, esou muss een awer der Evolutioun vun der Finanzéierung vun eise Sozialsystemer eng extrem grouss Opmierksamkeet zougestoen, an dat haaptsächlech am Fall, wou déi ekonomesch Reprise, op déi mer waarden, an déi sech scho fir sechs Méint respektiv fir ee Joer vertaagt huet, nach méi laang géng op sech waarde loosse.

E puer Wuert wëll ech op dëser Plaz awer och iwwert d'Familljepolitik soen. A well ech aus deem Beräich kommen, hat ech mir am Ufank virgeholl net doriwwer ze schwätzen, mä dëse Budget beinhalt awer esou vill nei Elementer aus der Familljepolitik, dass ech gemengt hunn, et wär awer wichteg, fir der e puer hei ze nennen.

(Interruption)

Neen, ech mengen, dass et sech hei ganz einfach ëm eng Familljepolitik handelt, déi säit Joren zukunftsweisend ass an déi säit Jore grouss Schrëtt setzt, fir der Gesellschaft an der soziologescher Evolutioun vun der Gesellschaft nozekommen.

D'Dépensen, déi virgesi sinn, déi si fir dëst Budgetsjoer fir d'Kannergeldskeess mat 576 Milliounen € ugesat. Dat si fir d'Joer 2002 scho 670 Milliounen, dat heescht eng Steigerung vu 16% an engem Joer.

Dat ass selbstverständlech zu engem Deel erklärbar duerch d'Erhéijung vum Kannergeld vun 1.000 Franc, respektiv 25 € pro Mount pro Kand, an all deene Mesüeren, déi sech nach ronderëm an deeselwechte Kader aschreiwen. Dat ass awer och erklärbar duerch d'substantiellt Wuesse vun der Kannerzuel, engersäits vun deene Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg liewen an anerersäits vun deene Frontalieren, déi heihinner schaffe kommen an déi eng Allocation différentielle fir hir Kanner ausbezuelt kréien.

1999 si ronn 144.000 Kanner an der Kannergeldskeess ageschriwwen gewiescht. Dat waren der schonn 150.000 am Joer 2000, dat heescht 4% méi nëmmen an engem Joer. Dozou kënnt d'Aschreiwen an dëse Budget vum sougenannte Forfait d'éducation, deem seng Modalitéiten nach net preziséiert sinn. De Budget gesäit 22,5 Milliounen € vir, déi à partir vum 1. Juli 2002 ausbezuelt ginn. Méi soen ech momentan net dozou.

Mä am Kontext vun der Familljepolitik si selbstverständlech net nëmmen d'Sue wichteg, mä och d'Strukturen, respektiv d'Infrastrukturen. De Gesamtbudget vum Familljeministère ass vu 656 Milliounen am Joer 2000 op 701 Milliounen am Joer 2002 gestiegen, eng Steigerung vu 6,8%, an am Joer 2001 op 2002, wou en eng 845 Milliounen € bedréit, ëm 20,54%. Dat heescht eng Steigerung vu ronn 28% an zwee Joer. Dat ass enorm.

Niewent dem Kannergeld ginn dës Suen dann och benotzt fir Infrastrukture wéi Foyers de jour, Garderien, Crèchen, Kantinen, an esou weider ze schafen. Eleng schonn déi Budgetaugmentatiounen am Beräich vun de konventionéierte Foyers de jour weisen dat. 1992 waren 272 Milliounen Frang virgesinn a fir 2002 si 769 Milliounen Frang virgesinn, dat heescht eng Steigerung vun 182% an zéng Joer. Do si substantiell Efforte gemaach ginn.

Obwuel déi Efforten enorm sinn, stelle mer fest, dass d'Besoinen nach méi schnell gestiege sinn. Aus deem Grond huet den zoustännegen Ministère dann och am Laf vun de Jore versicht, d'Aart a Weis wéi een esou Strukture geschafe kritt, ze diversifiéieren. Niewent konventionéierte Foyers de jour hu mer konventionéiert Garderië kritt, hu mer Locatioun vu Still a private Garderië gemaach, a si Subsiden un Associatiounen gaangen, déi Foyeren oder Garderien haten. Neierdénge ginn och d'Gemenge subventionéiert. Dat war scho méi laang de Fall, wa se Schoulkanner e Kantinsservice offréiert hunn, an et ass elo säit engem Joer de Fall, wa se e Foyer d'accueil fir Schoulkanner offréieren. 2 Milliounen € waren am Budget vum leschte Joer, 4 Milliounen sinn am Budget vun dësem Joer dofir virgesinn.

D'Finanzkommissioun deelt de Wëlle vun der Regierung, fir grouss Efforten op dësem Gebitt ze maachen, a versteet och selbstverständlech firwat esou eng Diversifizierung muss a soll sinn. Mä dat stellt selbstverständlech eng Rei Problemer.

Wann d'Normen iwwert d'Hygiène, d'Salubritéit, d'Sécuritéit iwwerall déiselwecht sinn an iwwert d'ASFT-Gesetz geregelt sinn, esou ass awer am Moment trotzdeem nach net kloer definéiert, wéi wat soll maachen, wien d'Initiativ soll huelen, ënnert wem senger Responsabilitéit et ass. Och stinn nach eng Rei Problemer op, ënner anerem wat d'Rémunératioun vun deene verschiddenen Type vu Personal an den Institutiounen ugeet.

Déi verschiddenst Avisen, déi mer fir dës Budgetkruten, ginn deelweis op dës Problematik an, ugefaange bei der Cour des Comptes, déi gäre Clarificatioun hätt, iwwert den Avis vun dem Innenministère zu de Kompetenze Stat-Gemengen, den Avis vum CES iwwert d'Roll vum Stat. An dëser Chamber ass och virun enger Rei vu Méint en Débat d'orientation ugefrot ginn iwwert de konventionéierte Secteur, fir ze clarifiéieren, wou

d'Initiativen an d'Responsabilitéit fir déi nächst Jore solle sinn. D'Regierung huet sengersäits no der Regierungsbildung e Groupe de travail agesat, fir eng Rei Propositionen an deem Kontext ze maachen.

D'Finanzkommissioun mengt, dass esou en Débat d'orientation äusserst wichteg an drénglech wär, fir hei Clarificatioun ze schafen. Et sinn Investitiounen, déi fir d'Zukunft wichteg sinn. Et sinn awer sécher net déi eenzeg, déi mir brauchen.

All déi, déi heibanne sinn, wëssen, dass mer als Politiker ganz oft an ëmmer méi ënner Drock gesat ginn, fir dëst oder eppes anescht ze maache mat dem Argument, dass eist Land jo e räicht Land wär, eent vun deene räichste Länner op der Welt. En Argument, wat fir all Zort vu Revendikatioun gebraucht gëtt, fir déi richteg a fir déi falsch, fir déi kleng a fir déi grouss, wann et drëm geet eng Mauer frësch unzesträichen oder eng Gehälteraumentatioun ze maachen.

Dem Stat seng Keesse sinn dach strubbelvoll. Mir hunn et dach. Dat do kënne mer eis dach leeschten. Ass dat wierklech esou?

Dass eise Liewensstandard héich ass, dorun zweifelt keen. Dass eise Gehälterniveau an eise Liewenskomfort sech sécherlech weise loosson, doru besteet och keen Zweifel.

Datt de Stat, an dat hu mer virdru gesinn, och eng Rei Reserven huet, dolaanscht kënnt een, wann een d'Chifferen analyséiert, sécherlech net.

Mä just hei geet et dorëm fir mol eng Kéier kloer zum Ausdrock ze bréngen, datt déi Reserven, déi Keesen, déi sou voll solle sinn, sech ënnert engem ganz anere Liicht erweisen, wann een hinnen d'Engagementer vum Stat an och d'Besoinen vun eiser Gesellschaft entgéinhält. Fir dës Besoinen ze finanzéieren hu mer eng ganz Rei vu Fonds d'investissement.

Mä och d'Analyse vun der Evolutioun vu deene verschiddene Fonds d'investissement sinn opschlussräich. Wann een d'Alimentatiounen vun deene Fonge kuckt, da stellt ee fest, datt se an deene leschte Joren substantiell an d'Luucht gaange sinn. Präziséieren muss ee selbstverständlech, datt déi Augmentatiounen, déi spektakulär waren, an deene Jore getäteg gi sinn, wou d'Totalitéit vun enorme Plus-waarden an déi Fonge plazéiert gi sinn.

Wann een elo op där anerer Säit d'Evolutioun vun den Ausgaben an deene Fonge méi genee ënnert d'Lupp hält, da stellt ee fest, datt zum Beispill e Fong wéi dee fir d'Investissements publics administratifs tëschen 1996 a 2001 seng Ausgabe méi wéi verduebelt huet. Dat selwecht gëllt fir e Fonds du rail oder e Fonds des routes, e Fonds public scolaire oder de Fonds d'investissements sanitaires et sociaux. Eleng déi sechs Fongen hunn tëschent 1996 an 2001 vun 181 Milliounen € op 245

Milliounen € Dépensen am Joer 2000 a virgesinn Dépensé fir 2001 vun 370 Milliounen € progresséiert. 2002 sinn 543 Milliounen € Dépensé virgesinn. Sécherlech en enorme Besoin.

Probéiert een e wéineg opzeschlëssele wou déi Haaptbesoinen hierkommen, sou stellt ee fest, dass dat am Fong onméiglech ze determinéieren ass. Egal ob et elo ëm den Neibau vu Schoule geet - mir brauchen eng ganz Rei Lycéeën, méi wéi déi, déi actuellement an den Investitiounsfongen ugi sinn -, oder ëm Stroossen, Altersheimer, Pflegeheimer, den Ausbau vum öffentlechen Transport oder och nach Kläranlagen, geschweige dann, administrativ a kulturell Gebailechkeeten: Et stellt een op all Plang fest, dass de Besoin net iwwerdriwwen a substantiell ass.

Wann een elo déi eelef grouss Fonge kuckt, déi fir de Bau, den Equipement militaire, d'Gestion de l'eau geduecht sinn, da stellt een, zumindest fir d'Joer 2002, fest, datt mer 1,460 Milliarden € Reserven hunn. D'Dotation budgétaire fir d'Joer 2002 beleeft sech op 487,5 Milliounen € an d'Ausgaben, sou wéi se am Plan d'investissement pluriannuel virgesi sinn, belafe sech op 957,6 Milliounen €. Wann déi Zifferen alleguer géinge respektéiert ginn, dann hätten um Enn vum Joer 2002 déi eelef Fongen zesummen en Avoir vun enger Milliard €. Wann een déi Zifferen elo iwwer méi eng laang Durée kuckt - dat heescht iwwert d'Durée wou eis Investitiounsprogrammer ginn -, da stellt ee fest, datt mer an der Period tëschent 2002 an 2005 déi virgesinn Ausgabe vu 4 Milliarden € an awer nëmmen eng Alimentatioun vun 2,3 Milliarden € hunn, wat an enger ganz einfacher Rechnung mat den Avoiren vun 1,460 Milliarden € en Defizit um Enn vun där Period vun 266,9 Milliounen € ausmécht. Eng einfach Rechnung, déi sécherlech ënnert där do Form net an d'Realitéit ëmgesat wäert ginn, mä déi eis Gréisstenuerdnungen ugëtt.

E puer Iddien wäeren awer zu dësem Sujet ze développeren. Déi éischt wär fir ze soen, dass, wa gesot gëtt, dass eis Keese strubbelvoll wäeren, an dass mer eis alles kéinten erlaben, dat sécherlech net wouer ass. Leschtendlech ginn déi Reserven, déi elo ugeluegt ginn, wa keng supplémentaire Alimentatioun och iwwert den normale Budget méi géng kommen, net duer fir eis Investissementsfinanzementer zwéi Joer laang ze droen. Wa keng weider Plus-waalen an déi Investissementsfonge fléissen a mir se just mat deenen haut virgesinnen Dotatiounen aus dem Budget alimentéieren, an déi Dépensen, sou wéi se virgesi sinn, och effektiv geschéien, dann ass et ganz kloer, datt am Joer 2005 en Defizit do ass, respektiv d'Finanzéierung vun eisen Investissementer iwwer Emprunte geschéie muss.

An anere Wieder, a well et sécher net un der Zäit ass eppes dramatesch dohinnerzestellen, denken ech, sollt een einfach hei soen, datt déi Reserven, déi momentan do sinn, e gudde Polster sinn, fir engem ze hëllefen

iwwer eng zäitweilleg schlecht Konjunktur ewech ze kommen, wann d'Wirtschaft eng Kéier méi luess géng goen. Net méi, mä awer och net manner. An dat ass schonn enorm wichteg.

E puer Froen kann ee sech awer an dësem Kontext stellen. Déi éischt Fro ass sécherlech, firwat just elo déi Besoinen un Investissementer sech an engem Mooss, wéi mer en elo kennen, eréischt kloer weisen. Ass do net virun zéng, 15 oder 20 Joer falsch geplangt ginn, Saachen net gesi ginn, verpasst ginn? Hätt een dat do net kënne virausesinn an déi Investissementer méi iwwer Joren streeë kënne fir se sou besser ronn ze kréien?

(Interruption)

Et war eng Fro an et kënnt och eng Äntwert. Sou einfach, wéi Der et maacht, ass déi Saach nämlech net. Ech ka mech erënnere, wéi ech viru méi wéi zéng Joer, Enn der 80er Joren, als Beamten am Ministère de l'Education nationale geschafft hunn, dass dat Zuelematerial, dat déi Zäit vum Statec zur Verfügung war, kloer ausgesot huet, dass d'Schülerzuel esouwuel am Primärschoulunterricht wéi am Secondaire-unterricht amgaange wär zrëckzegoen.

Wann een d'Zuele vum Statec vun där Zäit kuckt, da stellt ee ganz kloer fest, dass zum Beispill an der Primärschoul an de siwwenzeger Joren iwwer 34.000 Schüler ageschriwwen waren, dass dat der an den achtzeger Joren nëmme méi 29.000 waren, an dass dat der 1990 25.000 waren, also eng Zuel, déi ganz staark erofgaangen ass. Et gesäit een, dass et eréischt u sech säit ufanks der nonzeger Joren ass, wou déi Zuel erëm eropgeet, 1994 op 27.000, an d'lescht Joer op 31.200 Schüler. Datselwecht léisst sech am postprimären Unterricht feststellen, wou mer zum Beispill am Schouljoer 1986/87 20.000 Schüler haten, 1990 ass déi Zuel op 18.900 gefall, fir duerno erëm op 24.500 am Schouljoer 1995/96 an haut, am Schouljoer 2000/2001, op 28.100 ze steigen. Zuelen also, wou Enn der achtzeger Joren net virzegesi war, dass se haut sou wäere, wéi se sinn.

Den enormen ekonomesche Boom an d'Immigratioun, déi dovun d'Konsequenz ass, hunn an dësem Land d'Donnéeën vun der soziologescher an demographescher Evolutioun total ëmgeännert. Et ass och ufanks a Mëtt der nonzeger Jore reagéiert ginn. Mä, mir wëssen - an ech kommen nach op dee Problem zrëck -, dass d'Zäit, déi tëschent der Reaktioun, der Realisatioun an der Fäerdegstellung vun deenen noutwendegen Infrastrukture läit, hei zu Lëtzebuerg laang ass, ganz laang.

An dat ass mäin zweete Punkt: Mir brauche laang, ze laang, eier mer eis erkannte Besoinen an d'Realitéit ëmgesat kréien. Dës Feststellung ass erstaunlecherweis a bal all den Entrevuen, déi mer haten, regelméisseg erëmkomm. Mir kommen net virun, et schleeft alles esou laang. Virwat geet et net méi schnell? Verschid-

dentlech krute mer dann och nach d'Äntwerten op dës Froen direkt matgeliiwwert: Eis Prozeduren sinn ze laang, ze komplizéiert. Eis Gesellschaft huet enorm Blocagen. Jiddfer Projet, deen ugaange gëtt, stéisst op berechregten oder onberechregte Widderstand a gëtt doduerch verlängert.

An den Entrevuë krute mer déi Investitiounslogik ëmmer an iwwerall als positiv bestätegt. Ëmmer an iwwerall ass och gesot ginn, dass mer eis d'Moyenë gi musse fir se an d'Realitéit ëmzesetzen. Mer hunn dann och beim Ministère des Travaux publics nogefrot, fir datt eis opgestallt gëtt, wéi et sech effektiv mat deene Prozedure verhält. Am Rapport vun der Finanzkommissioun fannt Der en Tableau, en einfacht Beispill, dat weist, wéi een duerch eng Rei Prozedure goe muss, fir e Projet, an dësem Fall e Schoulgebaai, an d'Realitéit ëmzesetzen. D'Beispill ass signifikativ: Vun der Etude préliminaire iwwert den Avant-projet, d'Kontrakter, d'Konzeptioun, d'Preparatioun, den Avant-projet sommaire, d'Etüden, den Avant-projet détaillé, d'Autorisatiounen, d'Permissiounen, de Sécuritésdossier, de Gesetzesprojet, d'legislativ Prozedur, d'Etüden, den Exekutiounsprojet, d'Cahier-de-charges, d'Ausschreiwungen, d'Adjudikatiounen, an dat alles virum Ufank vum Bau, an duerno de Bau, de Chantier, d'Réceptioun, d'Mise en service an den Décompte verginn, wann alles gutt leeft ouni iergend eng Pann, ouni iergend eng Resistenz, "quand tout est", wéi de Voltaire géif soen, "pour le mieux dans le meilleur des mondes possibles", wou awer just de Candide nach dru gleeft, aacht an en halleft Joer. Dovu sinn dräi Joer Bauzäit.

Elo wësse mer, datt all déi Prozeduren, wéi mer se elo genannt hunn, wichteg a noutwendeg sinn, well déi Leit, déi eppes ze beanstanden hunn, dat och musse kënnen. Mir wëssen awer och, dass dat do einfach ze laang ass.

Wann eist Land sech erlabe soll, sech erlabe muss fir e groussen Deel vu senge Ressourcen an déi noutwendeg Infrastrukturen an deenen nächste Joren ze investéieren, dann ass d'Regierung, dann ass awer och dëst Parlament gefuerdert, fir déi Prozeduren nach eng Kéier duerchzekucken an, wann et nëmme méiglech ass, do wou et nëmme méiglech ass, ze straffen. De Paul Valéry huet an senge "Pensées" sech esou ausgedréckt: "Ce qui est simple est toujours faux. Ce qui ne l'est pas est inutilisable." Et geet drëm de schwéiere Wee an der Mëtt ze fannen.

Déi Diskussioun huet schonn an der Chamber mat der Madame Bauteministes an der Commission du Contrôle budgétaire ugefaangen a kéint do op eng nätzlech Aart a Weis, misst op eng utile Aart a Weis weidergefouert ginn.

Drëttens, wann déi virdu genannte Prozeduren a Blocagen d'Faisabilitéit vun all deene Projeten an der virgesinner Zäit a Fro stellen, dann ass dat selbstverständlech awer och de Fall wann ee kuckt, a wat fir enge Proportiounen de Wuesstum vun deenen Investis-

sementer geschéien soll. D'Fro déi sech hei stellt, d'Fro déi sech eiser Wirtschaft stellt ass eendeiteg: Si mer kapabel, ass eis Ekonomie kapabel fir esou e Programm iwwerhaapt ze packen? An déi Fro hat de Jeannot Krecké an der Zäit, wou e Budgetsrapporteur war, a sengem Rapport an ähnlechen Termen dohi gestallt.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech hoffen, dass Dir méi Gehéier fannt wéi ech.

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur. - Ech hunn Äre Rapport gutt gelies, Här Krecké. Ech denken, dass dat hei zumindest eng wichteg Fro ass, déi ee sech stelle muss. Iwwerhëtze mer eis ganz Wirtschaft net domat, schafe mer eis domat net eis eegen Inflatoun, zéie mer domat net massiv Entreprises aus dem Ausland, aus der Grenzregioun op Lëtzebuerg?

Haut kann een op jidde Fall feststellen, datt eis Kapazitéiten wuel ganz staark belaascht sinn, datt mer awer momentan nach net mat engem Iwwerdréien, enger Iwwerhëtzung vun eiser Ekonomie ze dinn hunn. Et ass awer ganz sécher e Phenomeen, dat ee muss staark am A behalen. An et muss ee sech och bewusst sinn, datt am Europa vu mar, wann ee weess, datt all Dag esouvill Frontalieren iwwert d'Grenz op Lëtzebuerg kommen, d'Grenzentränsen ëmmer méi dee selwechte Wee wäerten an Zukunft maachen. Et ass un eisen Entreprises fir déi néideg Zesummeschlëss an Allianzen ze operéieren.

Véiertens, bei der Analys vun deem, wat an deene Fonds d'investissements stung, dat heescht de Volume II vum Budget, hu mer selbstverständlech festgestallt, dass eng Rei vun deene Projeten, déi scho vun der Regierung als noutwendeg erkläert gi sinn, momentan nach net an den Investmentfongen ageschriwwen sinn. Sou feelen zum Beispill mindestens dräi Lycéien, an ënnert anerem och nach de Projet fir d'Renovatioun vum Härebiërg. Mir wëssen, datt an deenen nächste Joren nach méi Besoinen ufalen, och wa mer se net ëmmer prezis délimitéieren kënnen, wéi déi, déi elo schonn an den Investissementsfongen dra sinn. E Programme pluriannuel iwwer fënnef Joer maachen, vun 2001 bis 2005, ass en extrem wichtigen Exercice - ech bedauern dovun ofgesinn, dass een dee Volume II ëmmer esou spéit kritt, datt eng detailléiert Analys relativ schwéier ass -, mä u sech ass den Exercice net komplett. Ech denken, datt et vill méi sënnavoll wär, wann ee géif probéieren, esou e Programme pluriannuel nach méi laangfristeg unzegoen an en enger Zéngjoresperiod ze gesinn. Quitte datt ee sech bewusst wier, datt esou en Exercice ganz vill Fragezeichen misst beinhalten, well et schwéier ass d'Realitéit op esouvill Joer virauszegesinn. Mä et géif engem erlaben e vill besseren Iwwerbléck ze kréien iwwert dat, wat ze geschéien huet. Wann e Schoulgebaai am allerbeschte Fall 8,5 Joer Bauzäit brauch, da muss e Programme pluriannuel och iwwer zéng Joer gemaach ginn, fir sënnavoll ze sinn.

Zousätzlech wëllt ech soen, datt d'Finanzkommissioun grad sou gutt wéi de Rapporteur Schwierigkeeten haten, fir genau den Iwwerbléck ze kréien iwwert dat, wat haut schonn d'Engagementer vum Stat sinn. Aus deem Grond wier et selbstverständlech net onwichtig, wann all Joer esouwuel d'Chamberskommissioun ewéi d'Cour des Comptes eng integral Dokumentatioun kréie kéinten iwwert dat, wat de Stat schonn iwwert déi nächst Period vu Joren eraus engagéiert huet. Dat schéngt mer wichteg ze sinn, fir nach zousätzlech Transparenz an d'Investitiounspolitik ze kréien.

Als Résumé vun deem Ganze géif ech dat hei wëlle soen:

1) D'Lëtzebuerger Finanzen si gesond a stabil. Dat ass keen Zoufall, dat ass d'Resultat vun enger laangjähreger disziplinierter Finanzpolitik. D'Avisen déi mer iwwert de Budget erakuten, si sech all doriwwer eens.

2) Déi Politik, déi an deene leschten zéng bis 15 Joer gemaach ginn ass, fir Reserve fir Investissementer ze maachen, ass absolut déi richteg, a gëtt och vun der Finanzkommissioun gedeelt. Dës Politik muss weidergefuert ginn, well se eis hëlleft eist Finanzement ofzesécheren. D'Finanzkommissioun geet souguer méi wäit a freet sech ob esou eng Politik, déi dora besteet sech Reserven ze maachen, fir e Land vun der Gréisst vu Lëtzebuerg, dat kee richteg industriell an ekonomesch Hannerland huet, an enger globalisierter Economie net eng absolut Noutwendegkeet ass.

Wa se effektiv net onbedéngt enger orthodoxer Wirtschaftspolitik entsprécht, sou mengen ech awer soen ze kënnen, datt Lëtzebuerg duerch seng Gréisst bal obligéiert ass fir eng Wirtschaftspolitik ze dévoppéieren, déi sech op een, zwéi oder dräi grouss Piliere baséiert, an domat noutgedrungen Weis méi vulnérabel ass wéi e Land, wat eng gréisser Diversifikatioun huet an dat duerch seng ekonomesch Gréisst och en anert Hannerland huet. Wann eis Gréisst a verschiddenen Aspekter fir eis eng Chance bedeit, sou kann een awer d'Schwächen, déi dës Gréisst mat sech bréngt, net verstoppen. Ech mengen, dass e Land wéi Lëtzebuerg méi wéi gréisser Länner sou Reserven uleeë muss, well esou Reserven am Fall, wou et konjunktorell méi schlecht géif goen, eng Reaktiounszäit erméiglechen, déi spezifesch eist Land brauch.

Mir si vläicht e räicht Land, mä dës relative Räichtum ass schonn engagéiert, wa mer d'Zukunft wëllen a gudde Konditiounen virbereeden. De Statsminister Jean-Claude Juncker sot d'lescht Joer a senger Ried zur Lag vun der Natioun, dass d'Friichte vun eisem Wuesstum just duerginn, fir d'Konsequenze vun deem Wuesstum ze finanzéieren.

Fir mech ass dat eng fundamental Ausso, déi eis Situatioun genau beschreift an aus där mussen och déi noutwendeg Konsequenze gezu ginn. Et geet drëm, de

Wuesstum, egal zu wat fir enger Awunnerzuel e féiert - 500.000 oder 700.000, dat ass jo net d'Fro -, esou ze géréieren, dass mer e meeschteren, dass net de Wuesstum eis mä mir de Wuesstum beherrschen. Et geet awer och anerersäits drëm ze wëssen, dass et och emol eng Kéier ka méi lues goen. De Wuesstum ass, an dat hu mer sécher den 11. September klor realiséiert, net en Zoustand, dee Lëtzebuerg ëmmer an éiweg zougestane wier. Mir mussen och drop virbereet sinn, dass et kann eng Kéier méi lues goen.

Déi grouss Erausforderung ass a wäert och an Zukunft wéi an allen entwéckelte Länner, d'Maitrise vun der Finanzéierung vun eisen Sozialsystemer bleiwen, déi eng eegen Dynamik hunn. Dës Maitrise hänkt haut staark vun der signifikativer Weiderentwécklung vum Aarbechtsmaart of. Falls d'Reprise méi laang géif op sech waarde loosse wéi virgesinn, gëtt dës Sujet sécher eng éischt politesch Prioritéit.

Mir brauchen eng weider Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft, och wa mer wëssen, dass d'Finanzplaz nach iwwer laang Jore wäert eng dominant Plaz an eisem Land anhuelen. Do sinn Akzenter gesat ginn, zum Beispill am Kader vun der Recherche an der Héichschoullpolitik, op déi ech aus Zäitgrënn op dës Plaz net weider agaange sinn, wou der awer laang Säiten am Rapport vun der Finanzkommissioun fanne kënnt. Hei geet et drëm e Kader ze schafen, fir eiser Wirtschaft zousätzlech nei Standbeener ze ginn.

Eis Besoine fir d'Zukunft virzebereede si grouss. Mir hunn eng Investitiounsquot vun iwwer 12% vum Budget. Dat ass enorm, mä dat ass richteg, an dat ass jo déi duebel Erausforderung vun der Lëtzebuerger Politik: De Wuesstum richteg géréieren a gläichzäitig prett ze sinn, wann de Wuesstum géing méi lues goen. Eleng eng parallell Preparatioun op déi zwéi Défië léisst der zukünftiger Politik genügend Handlungsspillraum fir d'Zukunft virzebereeden.

E fréiere franséische Finanzminister huet geschriwwen, dass gesond Finanzen sécher net en Zil fir sech wäeren: "Mais il n'est pas de projet politique crédible qui s'affranchisse d'une exigence de vérité, de transparence, de contrôle et de responsabilité. C'est alors que le souhaitable devient possible."

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Rapporteur, dem Här Claude Wiseler. Muer de Mëtteg héiere mer den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden.

D'Wuert huet nach gefrot den Här Lucien Lux fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.